PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°138 hat ech d'Regierung ëm Informatiounen zu der Copilote-App gefrot. D'App war entwéckelt ginn, fir de Covoiturage zu Lëtzebuerg ze förderen. Allerdéngs war d'App keen Erfolleg. Trotz Publicitéitscampagnen am Wäert vun 179.949€ (Stand Januar 2019) huet d'App net den Uklang bei de Notzer vum Covoiturage fonnt a gouf an eng aner App mam Numm Klaxit aggliddert. An anere Länner existéieren awer schonns zënter Jore ganz erfollegräich Covoiturage-Appen, als bekannteste Beispill sinn nëmmen UBER, LYFT oder BLABLACAR ze nennen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wär et dem Minister no net Zäit, dass grouss Covoiturageplattformen, wéi et se am Ausland och schonns gëtt, endlech een Accès op de lëtzebuergesche Marché kréien an an dem Kontext och d'Reegelen fir d'Ubidde vun Taxisservicer moderniséiert a liberaliséiert gëtt?
2. Wéi vill Benotzer huet de Projet Copilote, no der Verschmelzung mat Klaxit, aktuell?
3. Wéi huet sech den "Taux de rétention" vun der Copilote-App bis zur Verschmëlzung vun der App mat Klaxit entwéckelt?
4. Wéi vill Faarte sinn 2019 an der Moyenne pro Mount mat Copilote realiséiert ginn?
5. Wéi eng Käschte sinn duerch d'Copilote-App insgesamt bis haut ugefall?
6. Considéréiert de Minister de Projet Copilote als ee Mësserfolleg?
7. Aus wéi enge Grënn huet d'Copilote-App a senger Ufanksform net funktionéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député